



grousser Sécherheet Elektobornen dohinner op déi Tankstell. Mee dat ass awer nëmmen en Accessoire. Realistescherweis ass et wichteg, datt déi do ass.

An déi Tankstellen op den Autobunnen, dat hat ech lech och gesot, Här Goergen, dat hutt Der zwar elo hei net méi erwänt, well dat lech natierlech net arrangéiert huet an deem Discours, deen Der hei wollt féieren, dat hunn ech an de leschte fénnef, sechs Joer och geännert, déi sinn all ausgeschriwwe ginn. All d'Autobunnstankstellen, déi sinn op Terrainen, déi dem Staat gehéieren, an do geet et iwwer eng Emphytheos an iwwer herno och Redevancen, déi bezuelt ginn, an do sinn och fréier scho Redevancë bezuelt ginn. Dat Eenzegt, wat geschitt ass: Fréier si keng Ausschreiwunge gemaach ginn, dat hu mer geännert. Iwwert déi Redevancë kréie mir natierlech eng Recette als Staat, et gëtt selbstverständlech eng Aart Redevance, eng Aart Loyer bezuelt fir deen Espace, deen do besat gëtt.

An ech hunn lech och gesot, ech wëllt lech eng Opstellung maachen iwwer net nëmmen déi zu Steebrécken, mee sämtlech Autobunnstankstellen. An déi Nott ass a Preparatioun, déi kritt Der selbstverständlech och an der Kommissioun. Da kënnst Der lech e komplett Bild maachen. An da schreiw mer lech och derbäi, wéini wat fir eng Ausschreiwung gelaf ass, fir datt Der voll transparent all déi Donnéeën hutt. Et geet hei net drëms, fir elo hei mat enger Tankstell Polemik ze maachen. An et ass och guer näischt ze verstoppen, awer glat a guer näischt! Dir wäert dat alles kréie mat de Recetten an da kënnst Der se vergläiche mateneen, wat zu Bierchem erakënnst, wat op anere Plazen erakënnst. Dann hutt Der dat alles, wéi dat sech gehéiert, an da kënnst Der dann d'nächst kéier Är Interventioun a Fonctioun dovunner vibereeden.

Dat gesot, Här President, nach eng kéier e grouse Merci fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Bausch. Awer nach Parole après ministre fir den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci. Jo, ech wollt do awer nach e puer Saache richtegstellen. Ech gesinn et nämlech net wéi den Här Minister, dass déi geréckelt gëtt, well déi gëtt nämlech ausgebaut, dat heescht, d'Capacitéit wäert an d'Luucht goen. Dat ass net geréckelt! Dat ass den Tanktourismus méi interessant gemaach, dat heescht, et ass net an der Klimakris reagéiert.

Dovun ofgesinn: Mir Piraten haten an enger Kommissioun gefrot, fir 2030 kee Verbrennungsmotor méi umellen ze kënnen zu Lëtzebuerg. Dat gouf och vun lech Grénge verworfen. Dat heescht, mir hunn eng ganz kloer Linn vun de Piraten, wéi mer aus dem Tanktourismus erauskommen. Ech weess, dass Dir se net matgestëmmt hutt.

A mat den Terrainen: Wann ech an der Kommissioun zweemol gefrot hunn, déi lescht Sëtzung an déi virlëscht Sëtzung, wéi vill dass mir als Staat do kréien, fir elo gesot ze kréien - well haut stëmme mer zu 60 de Projet -, dass mir awer net wëssen, wat de finanziellen Impakt ass, wat mer herno vum Petrolier erakréien, da wier et fei gewiescht, wann Der eis déi Date ginn hätt. Dir hätt déi gären aus dem ganze Land nach kënnen noreeche. Dat ass kee Problem. Et wier awer fei gewiescht, wa mer haut fir dat Gesetz, wat mer stëmme, d'finanziell Date gehat hätten.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Goergen. An ech ginn d'Wuert nach eng kéier zrëck un den Här Bausch.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Jo, Här President, dat Gesetz, wat d'Deputéiert haut hei stëmme, huet strictement näischt mat där Tankstell do ze din, awer wierklech strictement näischt. Hei stëmmt Der e Finanzéierungsgesetz.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Eeef Millioun stinn dran.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Hei stëmmt Der ...

Här President, ass dat normal, datt den Här Goergen sech selwer de Mikro umécht an einfach draschwätzt?

(Brouhaha)

■ **Une voix.** - Nee.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Ass dat normal an der Chamber?

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Dat kënnst hei méi oft vir, déi leschte kéier eréischt bei lech.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Et ass richtig, eng Rei Deputéiert maache sech heiansdo esou Reegelelen zu eegen, ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Dir hutt dat och scho gemaach als Deputéierten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - ... awer normal ass et net.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - An duerfir wär ech frou, wann den Här Goergen sech dann och un d'Reegele géif halen.

Also, nach eng kéier: Dat Gesetz hei huet strictement näischt ze di mat iergendenger Tankstell. Hei gëtt e Finanzéierungsgesetz gestëmmt fir den Émbau vum Echangeur. An dozou hunn ech alles gesot. An nach eng kéier: Ech si frou, datt d'Deputéiert dat an hirer ganz grousser Majoritéit wäerte stëmme, inklusiv och den Här Goergen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7781. Den Text steet am Document parlementaire 7781².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7781 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Emile Eicher), Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Clozener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup);

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues: Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 7715 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2019/1157 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 relatif au renforcement de la sécurité des cartes d'identité des citoyens de l'Union et des documents de séjour délivrés aux citoyens de l'Union et aux membres de leur famille exerçant leur droit à la libre circulation

Mir kommen elo zum Projet de loi 7715 iwwert d'Identifizéierung vu Privatleit. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

■ **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, laut Statistike vun der Frontex, der Europäescher Agence fir Grenz- a Küsteschutz, ass d'Unzuel u gefälschten Identitéitskaarten an Openthaltstitelen an deene leschte Jore staark geklommen.

Dëst wär virun allem dorobber zrëckzuféieren, datt de Sécherheetsniveau vun den Identitéitsdokumenten vu Land zu Land extreem verschidden ass. Am Géigesaz zu de Päss gouf et bis dato nämlech keng europäesch Virschrëften, wat d'Sécherheetsstandarde vun de Carte-d'Identitéit betrëfft, soudatt déi verschidde Memberlänner hir eege Reegele fräi konnte festleeën.

Dëst huet allerdéngs zwee grouss Problemer mat sech bruecht. Engersäits hunn déi ënnerschiddlech Gesetzter de Risiko fir Fälschungen an Identitéitsbedruch erhéicht an anerersäits hu si déi fräi Bewee-

gung vun den EU-Bierger am Schenge-Raum erschweiert.

Am Kader vun der Migratiouns- a Flüchtlingskris huet sech déi heterogeen Gesetzeslag dunn als besonnesch komplizéiert erweisen.

Well d'Menacë vu grenziwwergräifender Kriminalitéit an Terrorismus ëmmer méi grouss gi sinn, huet d'Europäesch Kommissioun am Joer 2016 e konkreeten Aktiounsplang ausgeschafft, fir d'Sécherheet vun den EU-Baussegrenzen ze verstärken a méi gezielt géint Fälschungen vun Identitéitsdokumenten virzegoen. 2019 huet d'Europäesch Parlament dunn d'Reglement 2019/1157 erausginn, dat d'Sécherheetskrittäre vun de Carte-d'Identitéen a vun den Openthaltstitelen eropsetzen an tëscht de Memberlänner harmoniséiere soll.

De virleende Gesetzesprojet huet als Zil, déi national Bestëmmungen iwwert d'Identitéitskaart un déi nei Virschrëfte vun dësem EU-Reglement unzepassen. Doriwwer eraus proposéieren d'Auteurs zwou Adaptatiounen, fir d'Demande vun den Identitéitskaarten ze vereinfachen an d'Gemengen ze entlaaschten. Zu dësem Zweck mussen e puer Ännerungen um modifizéierte Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vun de Persounen virgeholl ginn.

Ouni ze vill an d'Detailer ze goen, presentéieren ech lech déi wichtegst Punkte vun dësem Gesetzesprojet. Déi éischt Adaptatioun betrëfft déi biomeetresch Donnéeën, déi an der elektronnescher Puce vun der Lëtzebuerger Carte d'identité gespäichert sinn. Nieft der Foto an der elektronnescher Ënnerschrëft sollen an Zukunft och zwee digital Fangerofdréck vum Titulaire op dësem Support enregistriert ginn.

D'Identifizéierung vun de physische Persounen soll heideruer méi eendeitig a méi sécher ginn. Unhand vun de Fangerofdréck kann nämlech ouni Zweifel kontrolléiert ginn, ob d'Identitéit vun enger Persoun wierklech mat där vun hirer Carte d'identité iwwereneestëmmt.

Wéi d'Auteure vun dësem Projet de loi betounen, sinn déi elektronnesch Donnéeën, déi op der Puce gespäichert sinn, ganz gutt geschützt. D'Fangerofdréck kënnen nämlech just mat Hëllef vu spezielle Maschinne gelies ginn, wéi et der zum Beispill op de Flughäfe gëtt.

Dat europäesch Règlement gesäit vir, datt déi nei Obligatioun ab dem 2. August 2021 a Kraaft trëtt. Ab dësem Datum muss all Carte d'identité, déi nei erstallt gëtt, zwee Fangerofdréck vum Titulaire enthalten. All d'Kaarten, déi virun dësem Datum erstallt gi sinn an déi nach net konform mat der neier Obligatioun sinn, kënnen bis spéitstens den 3. August 2031 weider benotzt ginn.

Wichteg ze wëssen ass, datt zu Lëtzebuerg Kanner ënner zwielef Joer net vun dëser Obligatioun be-trafft sinn. D'Auteure vun dësem Projet de loi hunn nämlech decidéiert, eng Fakultéit vun europäesche Règlement ze applizéieren, déi et de Kanner erlaabt, hir Fangerofdréck net mussen ofzeginn.

An der Kommissioun fir Digitaliséierung, Medien a Kommunikatioun gouf an deem Kader d'Fro opgeworfen, ob dës Entscheedung iergendwellech negativ Follge fir déi fräi Beweegung vun de Kanner kéint hunn. D'Kolleege wollten nämlech wëssen, ob d'Kanner bei de Kontrollen op de Flughäfe kéinte Problemer kréien, wann hir Fangerofdréck net op der Puce vun hirer Carte d'identité ze gesi wäeren.

D'Representantë vum Ministère hunn doropshi geäntwert, datt d'Dispens vun der Kollekt vun de Fangerofdréck fir Kanner ënner zwielef Joer tel quel am europäesche Règlement virgesinn ass. Déi europäesch Gesetzeslag géif de Memberlänner also de Choix ginn, ob si d'Kanner vun dëser Obligatioun wëlle befreien oder net, an dës Choix misst och géigesäiteg vun de Länner akzeptéiert ginn.

Bei de Sécherheetskontrolle wäeren d'Autoritéiten also au courant, datt et verschidden europäesch Identitéitskaarte gëtt, op deenen d'Fangerofdréck vu Kanner ënner zwielef Joer net gespäichert sinn. D'Lëtzebuerger Carte d'identité géif d'Reesfräiheet vun de Kanner also a kenger Weis aschränken, sief dat innerhalb oder ausserhalb vun der EU, wëssend datt natierlech fir verschidde Länner souwisou e Pass obligatoresch ass.

Ech wëll op dëser Plaz och betounen, datt d'Kollekt vun de Fangerofdréck keng supplementar Charge fir d'Gemenge wäert duerstellen. Wéi de Syvicol a sengem Avis erkläert, wäerten d'Gemengen op déi nämmelecht technesch Ekipementer kënnen zrëckgräifen, déi si am Moment scho fir d'Päss benotzen. Schliisslech gi bei de Päss scho säit e puer Joer d'Fangerofdréck vun den Titulairë gesammelt.

Komme mir elo op den zweete Punkt vun dësem Projet de loi. D'Gesetz vun 2013 iwwert d'Identifikatioun vun de Persounen gesäit de Moment vir, datt d'Adress vum Titulaire op der elektronnescher Puce vun der Carte d'identité muss gespäichert sinn.

An deene leschte Joren huet dës Obligatioun allerdéngs fir vill Kritikke gesuergt, an dat souwuel bei de Bierger wéi och bei de Gemengen. De Problem ass nämlech, datt d'Leit all kéier, wa se plënnere,

eng nei Carte d'identité mussen ufroen. A bei all deem Geplënners hautdesdaags bréngt dat natierlech en enormen administrativen Opwand mat sech. Et muss ee wëssen, datt quasi e Véierel vun de Carte d'identité wéinst engem Changement d'adresse ausgestallt gëtt. D'Gemenge sinn natierlech alles anescht wéi beugeeschtert vun deem aktuelle System.

Hei dernieft muss ee betounen, datt d'Späicherung vun der Adress op der Carte d'identité méttlerweil komplett iwwerflësseg ass. Während d'Police virun e puer Joer nach op d'Carte d'identité ugewise war, fir d'Adress vun enger Persoun ze kontrolléieren, huet si hautdesdaags direkt den Zougrëff op den RNPP a kann d'Adress bequeem iwwert dës Wee erausfannen.

Fir d'Gemenge bei hiren administrativen Demarchen ze entlaaschten, proposéiert dës Gesetzesprojet, an Zukunft d'Adress vun den Titularen net méi op der elektronnescher Puce vun den Identitéitskaarten ze späicheren. Déi al Obligatioun gëtt also suppriméiert an d'Bierger brauche keng nei Kaart méi unzefroen, wa si hire Wunnsätz änneren. Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och de Syvicol hu sech an hiren Avice ganz erfreet erweisen iwwert dës Adaptatioun.

Den drëtte Punkt vun dësem Gesetzesprojet betrëfft d'Kommunikatioun an d'Rektifikatioun vun den Donnéeën, déi am nationale Regëster oder an engem kommunale Regëster agedroe sinn.

Aktuell kënnen d'Bierger sech iwwer dräi verschidde Weeër un déi kompetent Autoritéite wenden: Post, Internet oder perséinlech op der Gemeng. Wat den elektronnesche Wee betrëfft, muss d'Identitéit vum Demandeur an d'Authentizitéit vun der Demande natierlech iwwerpräift kënnen ginn. Déi aktuell Gesetzeslag gesäit dowéinst vir, datt op all Demande eng elektronnesch Ënnerschrëft muss drop sinn. Et ass allerdéngs net auszuschléissen, datt an Zukunft nei Technologien um Marché op-tauchen, déi amplaz vun den elektronneschen Ënnerschrëfte kéinten ugewannt ginn. An deem Kader proposéieren d'Auteurs, fir d'Applikatioun vun alternativen technesche Léisungen am Gesetz festzhalen.

Fir den Text esou vag ewéi méiglech ze halen an soumat oppe fir all méiglech zukünfteg Technologien ze bleiwen, proposéiere mer déi folgend Dispositionen: « Les demandes de communication ou de rectification de données pourront être soumises par le biais d'un dispositif informatique qui garantit l'identité du demandeur et l'authenticité de la demande. » D'Zil heivunner ass et, déi administrativ Demarchë fir d'Bierger ze vereinfachen an d'Neutralité technologique ze garantéieren.

Zu gudder Lescht gi mat dësem Projet de loi nach zwee Feeler verbessert, déi sech an déi lescht Versioun vum Gesetz erageschlaach haten. Éischtens gëtt den Datum vun der Signature grand-ducale bei den Titel vum Gesetz bäigesat an zweetens e klengen Tippfeeler behewen.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng gréisser Remarken oder Kriticken opgeworfen, soudatt hien de 15. Juni säin Accord zu dësem Projet ginn huet. Fir weider Präzisiounen zu den Avice vun der Handelskummer, dem Syvicol, der Staatsbeamtekummer an dem Staatsrot verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

À propos schrëftleche Rapport: Do hat sech eng Coquille ageschlaach a mir hunn dat och mam Conseil d'État kënnen beschwätzen. An den Accord fir déi Emännerung vun engem Saz am Projet de rapport hu mer och de Mëtteg kritt, an zwar misst een am Artikel 8 liesen: « L'article 1^{er}, l'article 2, point 2, lettres b) et c), point 3, et l'article 3 entrent en vigueur le 2 août 2021. » Dat ass also eng kleng Emännerung, et ass näischt Gréisseres, mee et si kleng Feelercher, déi sech ageschlaach haten. An, wéi gesot, mir hunn do den Accord vum Conseil d'État, fir dat da mat deem ofgeännerten Text de Mëtteg zum Vott ze stellen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat neit Gesetz férdert net nëmmen d'Sécherheet vun den Identitéitsdokumenten, mee vereinfacht och d'Reesen an d'Beweegung innerhalb vun europäesche Bannemarché. Doriwwer eraus erlaabt den Text eis, méi gezielt géint d'Menacë vum Terrorismus an der grenziwwergräifender Kriminalitéit virzegoen, andeems mir et de Kriminelle méi schwéier maachen, hir Identitéit ze fälschen.

Ech ginn heimat den Accord vu menger Partei a soe fir d'Nolauschteren an all deenen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, e grouse Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Guy Arendt Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **Mme Diane Adehm (CSV).** - Villmools merci, Här President. Mam Gesetzesprojet, dee mir de Mëtteg



stëmmen, maache mer, wéi de Rapporteur et richtig gesot huet - och e grouse Merci fir säin ausféierleche Rapport, well dat mécht mir et vill méi einfach, ech ka vill méi séier derduerchgoen -, u sech eng Mise en conformité mat engem europäesche Reglement, fir d'Identitéitskaarten an d'Openthaltsdokumenter weesentlech méi sécher ze maachen. De Rapporteur huet och virdrun d'Zuele genannt vun de gefälschte Pabeieren, déi de Moment an der EU am Émlaf sinn, an dat ass wierklech beandrockend.

Wat ännert fir eis Lëtzeburger Identitéitskaarten? Mee wat nei ass, dat ass, wéi scho gesot, dass zweemol de Fangerofdrock soll derbäikommen, eng Kéier lénks, eng Kéier riets. An dat Ganzt soll natierlech niewent dem Gesiicht an der elektronescher Ënnerschrëft an enger Puce op der Carte d'identité vermerkt sinn. An och fir Kanner ënner zwielef Joer soll dat an Zukunft fakultativ sinn. Mee d'Kanner kënnen awer, wéi mer an der Kommissioun richtig gesot kritt hunn, fräi mat hirer Carte d'identité reesen, well et ass de Länner iwwerlooss, déi Fakultéit hierstellen an och ze akzeptéieren.

Voilà! Mir begrëssen dëst ausféierlech, och dass mer assuréiert kritt hunn, dass d'Kanner ënner zwielef Joer, wa se net bereet sinn, hire Fangerofdrock ofzeginn, awer kënnen mat hirer Carte d'identité an der ganzer EU reesen.

En zweete Punkt, dee mer ausdrécklech och begrëssen als CSV, dat ass, dass d'Gemeng, an där ee wunnt, net méi muss op der Carte d'identité dropstoen. Mir wëssen et alleguerten: Bis elo, wann ee geplënnert ass, huet een allkéiers missen op seng nei Gemeng goen, fir eng nei Carte d'identité ze kréien. A jiddwereen, dee scho geplënnert ass, weess, wivill dass een dann ze maachen huet an ze doen huet. An dat heiten ass an deem Sënn fir d'Leit vill méi einfach, wa se net dann och mussen eng nei Carte d'identité ufroen. Duerfir begrësse mer dat ausdrécklech, och am Numm vun de Gemengen, wou mer jo de President vum Syvicol heibanne setzen hunn. Dat gëtt och weesentlech méi einfach a si kréie vill manner Demanden an Zukunft domadder ze traitéieren.

An dann den drëtte Punkt, wat de Bierger d'Liewen och vill méi einfach mécht, wat mir och als CSV ausdrécklech begrëssen, dat ass, dass se elo och kënnen iwwert de Wee vun hirer Carte d'identité eeben hir Donnéeën, déi an de Verwaltung gespäichert ginn, ufroen, respektiv, wa se iergendwou feststellen, dass Feeler dra sinn, och verbessere loosse. Dat heescht, et geet net nëmme an Zukunft just iwwert d'elektronesch Ënnerschrëft, mee si kënnen et och op Basis vun hirer Carte d'identité maachen.

Dat heiten, wéi gesot, Här President, sinn alles Punkten, déi mir als CSV ausdrécklech begrëssen am Numm vun der Simplification administrative, engersäits fir d'Bierger hei am Land, awer och anersäits fir d'Gemengen. An ech si frou, fir heifir kënnen dann den Accord vun der CSV ze ginn, an ech soen lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Adehm. An da wier et un där honorabeler Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch (*LSAP*)**.- Merci, Här President. Mir wäerten och eis Zoustëmmung zu deem Projet de loi ginn. Et ass an eisen Aen e wichtige Projet, dee souwuel eng europäesch Dimensioun huet, fir de Bierger alleguerten an der Europäescher Unioun méi Sécherheet ze ginn, wat hir Identifikatiounen, hir Identifikatiounsdokumenter ugeet. Zum Zweeten huet en och eng wichtige national Dimensioun, well mir elo am Peloton vun deene sinn, déi prett sinn, fir dat op europäeschem Plang ze vereenheetlechen. Mee en huet awer och eng kommunal Di-

mensioun, well en zu enger Simplification administrative féiert doduerch, dass d'Späicherung vum Wunnsätz an Zukunft net méi op deenen Dokumenter drop ass, an d'Gemengeverantwortlech si jo och Demandeur dofir.

Wat eis awer als LSAP och um Häerz läit, dat ass, dass mir wëssen, dass et hei och kee Problem mam Dateschutz gëtt, well dat ass e Beräich, wou mir ëmmer ganz kritesch a sensibel domadder ëmginn. An dofir si mir ganz frou, dass mir wëssen, dass déi Donnéeën, déi hei wichtig sinn, nämlech d'Fangerofdréck an och déi biomeetresch Foto, nëmme fir maximal zwee Méint gespäichert ginn an dass se duerno och weeder stockéiert nach zentraliséiert ginn. Dat ass fir eis ganz wichtig. Dat ass esou prezisiéiert am Artikel 16, Alinea 3 vum Texte coordonné.

Dat war eng vun deene Suergen, déi mir haten - déi ass net begrënnt. An dofir kënnen mir, ouni mat der Wimper ze zucken, eisen Aval zu deem Projet de loi als LSAP ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Mutsch. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen (*déi gréng*)**.- Jo, villmools merci, Här President. Ech géif dem Rapporteur Guy Arendt villmools Merci soe fir säi schrëftlechen an och mëndleche Rapport. Effektiv huet dëse Projet de loi als Ausgangsbasis e Reglement vun der Europäescher Unioun, wou et drëm geet, fir d'Carte d'identité méi sécher ze maachen, andeems net just nëmme méi d'Gesichtsdonnéeën op der Kaart gespäichert ginn, mee och d'Fangerofdréck, wat dann eng méi grouss Sécherheet garantéiert.

Wéi d'Kollegin Lydia Mutsch et ugeschwat huet, hu mer an der Kommissioun och diskutéiert iwwert d'Sécherheet vun deenen Donnéeën. Et ass eis erkläert ginn, dass an deem Beräich um Niveau vum Reglement näischt geännert ginn ass, donc och net um Niveau vum Gesetz. Dat technescht Prozedere, dat ugewannt gëtt, leeft schonn zënter 2013. Do si bis elo keng Problemer opgetaucht. Wéi scho gesot ginn ass: Déi Donnéeën op der Puce kënnen mat spezielle Lecteurs gelies ginn, därer just zwee Méint gehale ginn an duerno muss se gelöscht ginn, soudass dohier kee Problem ass.

De Syvicol hat effektiv och d'Problematik vun de Kanner ënner zwielef Joer opgeworf. Ech mengen, do hu mer Kloerheet kritt, dass dat vum Reglement ofgedeckt ass an dass do kee Problem besteet, fir kënnen an der EU fräi ze reesen. Fir an all déi aner Länner ze goen, kënn souwiso dann e Pass a Fro an héchstwarscheinlech och nach aner Reeskrittären, esou dass do och kee Problem wäert bestoen.

Mir Gréng sinn och frou, dass profitéiert ginn ass, fir effektiv d'Gesetzgebung dann och op zwee nationale Punkten ofzeänneren, esou dass mer elo manner administrativen Opwand hunn an de Lieu de résidence an d'Adress eeben net méi op der Carte d'identité gespäichert sinn. Dëst spuert net nëmme Aarbecht an Zäit fir de Bierger, mee evitéiert och, dass onnëtz Carte-d'identitéë mussen frësch produzéiert ginn. An de Volet, dass technesch Viraussetzunge geschaaft ginn, fir spéider och administrativ Demarché kënnen ze maachen, begrësse mer och. An domadder géif ech dann och den Accord gi vun der grénger Fraktioun.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Marc Hansen. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Villmools merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e grouse

Merci un den Här Arendt. Et ass eigentlech alles gesot. Déi eenzeg Bemierkung, déi ee kéint zousätzlech maachen, dat ass déi, dass mer constatéieren, dass iwwert d'Joren ëmmer manner Donnéeën op de Papiers d'identité sinn, der Carte d'identité, de Päss an esou weider. Iwwert d'Joren ass eigentlech ëmmer manner do drop.

Et muss een eng Kéier kucken, zesumme mat deenen zoustännegen Autoritéite vu Strofvollzug, vun der Police, vun der Douane, wéi sech dat iwwert d'Jore bewäert huet bei Fäll wéi zum Beispill der Kannerentféierung an änleche Saachen, ob dat wierklech elo deen Erfolleg bruecht huet.

Awer op jidde Fall, fir den Abléck kann een nëmme soen, dass mer all déi positiv Saachen, déi och vun anere Riedner hei virbruecht goufen, begrëssen. A mir wäerten dat dofir och elo matstëmme.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, dass d'Piraten kee grouse Frënd si vun der Späicherung vu biomeetreschen Daten, ass, mengen ech, keng Iwwerraschung. Mir hätten et duerfir och léiwer gesinn, dass deemools bei der Aféierung vun der biomeetrescher Carte d'identité decidéiert gi wier, de Biergerinnen a Bierger de Choix ze loosse, ob se eng nei elektronesch oder léiwer eng traditionell Kaart wéilten, mat allen Aschränkungen, déi domadder eventuell verbounne gewiescht wieren, wann een de Choix vun enger net elektronescher Kaart geholl hätt.

Fir d'internationaalt Reese gëtt et jo um Niveau driwwer nach de Pass, wann een deen da gebraucht hätt, wann een dat hätt wéilte maachen. Duerfir bedauere mer e bëssen déi prinzipiell Astellung ze soen: „D'Carte d'identité gëtt par défaut biomeetresch.“ Bref, elo hu mer se, se ass do, et ass Gesetz, et gëtt eng europäesch Direktiv, déi seet: „Et muss méi drop gespäichert ginn.“ An dat setze mer ëm. Dat maache mer dann, well dee Choix gouf de Biergerinnen a Bierger leider net gelooss, wéi dat agefouert gouf, soudatt mer also elo musse kucken, wéi een dat am beschten ëmsetzt.

An do begrëssen ech ganz ausdrécklech, an dat wëll ech awer och hei soen, de Choix vu Lëtzebuerg, fir déi Donnéeën, déi op der Carte d'identité herno gespäichert sinn, nëmme zwee Méint ze halen. Et ginn aner Länner, déi do daitlech méi wäit gaange sinn an déi d'Fotoen, d'Ënnerschrëft an och d'Fangerofdréck daitlech méi laang op staatleche Serveren hale wéi Lëtzebuerg. Dat heescht, mir maachen do schonn eng datespuersam Approche. Wa mer se zwar och erhiewen, esou läsche mer se weinstens relativ zackeg.

Mir begrëssen, an dat wëll ech och soen, bei deem heite Projet ganz, ganz kloer, dass mer 25 % Neiemissiounen vu Carte-d'identitéen aspueren, andeems mer déi Commune de délivrance strächen.

Dat ass e Artefakt warscheinlech nach aus Zäiten, wou ee mat Postkutsch a Päerd zwëschent de Gemengen hin- an hiergeridden ass a wou et wichtig war ze wëssen, wéi eng Gemeng dann déi Kaart emetteiert huet. Well u sech ass et jo wierklech just nach d'Commune de délivrance an net méi d'Commune émettrice.

Et ass jo esou, dass de Staat d'Carte d'identité emetteiert an u sech d'Gemenge se just nach delivrieren. Dat huet historesch eppes mam Wunnsätz ze dinn. Dat bréngt awer grad bei enger mobiller Populatioun net méi vill. Duerfir ass dat definitiv ze begrëssen.

Mir ënnerstëtzen och d'Entscheidung, dass d'Späichere vun de Fangerofdréck fir Kanner ënner zwielef Joer fakultativ soll sinn. Ech denken, dass et sécherlech méiglech ass, wéi och an der Kommissioun diskutéiert, dass ee Kanner derzou kritt, hir Fangerofdréck ze ginn, dass déi dat warscheinlech och nach interessant fannen. Et ass awer sécherlech net esou, dass ee muss do méi streng si wéi de Minimum, deen an der Direktiv virgesinn ass. Dofir och hei de Feu vert vun eis.

Och déi nei Formulierung, déi all Form vun informatemeschen Dispositif, deen d'Identitéit vun enger Persoun an d'Authentizitéit vun enger Demande garantéiere kann, aschleiss, onofhängeg vu senger konkreter Form, dee fënn eis Zoustëmmung.

Ech weess, dat klängt elo alles ganz komplizéiert. Konkreet bedeit dat, dass ee säi PIN nëmme emol muss aginn, wann een eng Demande beim RNPP mécht, an net zweemol. Dat ass eng kleng Simplification administrative fir de Bierger an et erméiglecht och, dass de MyGuichet kompatibel gëtt potenziell mat internationalen Identitéitskaarte wéi zum Beispill enger belscher, eng portugisescher, enger franséischer, eppes, wat iwwregens ënnert dem europäeschen eIDAS-Standard souwiso scho virgesinn ass.

Aus genau deene genannte Grënn wäerte mir Piraten deem virleiede Projet hei zoustëmme, och wa mer, wéi gesot, der Späicherung vu biomeetreschen Date generell kritesch géintiwwerstinn, well mer awer denken, dass deen hei gewielte Wee een ass, deen et engem erlaabt, d'Virgawe vun der EU ëmsetzen, soudatt keng Date méi laang gespäichert sinn, wéi se néideg sinn.

Dat ass fir eis den ausschlaggebende Punkt an duerfir wäerte mer haut mat Jo stëmme, dat net, ouni nach dem Rapporteur Merci ze soe fir säin detailléierte mëndlechen, awer och schrëftleche Rapport.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den delegéierten Digitalisationsminister, den Här Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Marc Hansen, *Ministre délégué à la Digitalisation***.- Jo, Här President. Ech géif als Éischt wëllen dem Rapporteur, dem honorabelen Deputéierte Guy Arendt, Merci soe fir säi Rapport. Dee mécht eis et alleguerte méi einfach, fir net op d'Detailer anzegoen.

Ech wéilt awer eppes nach e bësse prezisiéieren, wat elo an der Diskussioun vläicht ënnergaangen ass. Also, d'Commune de délivrance bleift weiderhi schrëftlech drop stoen, mee d'Résidence habituelle, déi an dem Chip dran ass, déi verschwënnt.

Dat ass net nëmme, wann een an eng aner Gemeng plënnert, wichtig, mee souguer, wann Der bannent enger Gemeng plënnert, stoung bis elo déi Adress drop. An dat verschwënnt och alles. Dat mécht d'Saach also definitiv méi einfach. 24 % vun de Carte-d'identitéen am Joer ginn eebe frëschgemaach, well ee geplënnert ass - bannent der Gemeng oder an eng aner Gemeng. An dat ass natierlech op déi heiten Aart a Weis weesentlech méi einfach. De Syvicol huet dat an dem Avis begréisst. Vill Gemengepolitiker sinn nun emol heibannen. An dat ass definitiv méi einfach fir déi Leit, déi dat eeben esou praktizéieren.

Vläicht nach eng Prezisioun iwwert déi Fakultéit vun den zwielef Joer. Déi Fakultéit läit net bei all eezelne Kand, fir dat ze decidéieren op der Gemeng, mee mir als Land hunn dat elo esou als Fakultéit geholl. Dat heescht, et ass fir all d'Kanner esou, déi bis zwielef Joer mussen déi Fingerprinten

Le saviez-vous ?

PÉTITION ORDINAIRE

La pétition est une demande d'un particulier ou d'un groupe de particuliers à la Chambre des Députés en vue de provoquer une décision à leur avantage ou en faveur de la cause qu'ils défendent. Les pétitions sont adressées au Président de la Chambre qui les renvoie soit à la Commission des Pétitions, soit aux commissions saisies d'un projet ou d'une proposition de loi à laquelle la pétition se rapporte, ou en décide le dépôt sur le bureau de la Chambre. La Commission des Pétitions décide, suivant le cas, soit de les renvoyer à un ministre ou à une autre commission de la Chambre, soit de les déposer sur le bureau de la Chambre, soit de les classer purement et simplement.

PÉTITION PUBLIQUE

La pétition publique ne peut être introduite et signée que par le formulaire spécial disponible sur le site Internet de la Chambre des Députés ou par un formulaire sur papier mis à disposition par les services de la Chambre. Elle doit être d'intérêt général et d'intérêt national et respecter les principes d'éthique. Un sujet similaire à celui d'une pétition précédente ne peut être introduit qu'après un délai d'une année.

Pour introduire et aussi pour signer une pétition publique, il faut être âgé d'au moins 15 ans et être inscrit dans le registre national des personnes physiques, disposer donc d'un numéro de matricule. La Commission des Pétitions examine la pétition et émet un avis au sujet de la recevabilité. La Conférence des Présidents décide de sa recevabilité.

Si une pétition électronique atteint ou dépasse le seuil des 4.500 signatures, un débat public est organisé au sein de la Commission des Pétitions et de la commission compétente pour le sujet en question.

La réunion est transmise en direct par la chaîne télévisée de la Chambre.

Les pétitions publiques n'ayant pas atteint le seuil des 4.500 signatures peuvent être, sur demande du pétitionnaire, converties en pétition ordinaire.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Mediahuis Luxembourg SA
60, rue des Bruyères
L-1274 Howald

Editpress SA
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

net drop maachen. Et ass elo net, dass Der mat Ärem Kand op d'Gemeng gitt an dass dann dat Kand de Choix huet, ob et dann elo eng Kéier déi Fangeren do ofdréckt oder net.

Bis zwielef Joer hu mer als Land dee maximalen Delai do benotzt. Dat heescht, et konnt een zwéischent sechs an zwielef Joer soen, dem Reglement no, ob d'Kanner deen da missten ofginn. A mir hunn eis eeben derfir decidéiert, fir dat esou ze maachen.

Den Dateschutz ass ernimmt ginn. Dorunner gétt och elo heimadder näischt geännert. Dat ass wichtig! Dat ass héich securiséiert. Dat ass esou zanter 2013. An ech mengen, et ass och zanter 2013, wou déi biomeetresch Daten eeben erhuewe ginn. An där Lëscht vun deene biomeetreschen Date kommen eeben elo just d'Fingerprinte mat derbäi. Fir de Rescht bleift alles d'selwecht wéi deemools, wéi déi Decisiounen geholl gi sinn. Dat heescht, mir sinn och do an der Linn vun deem, wat mer 2013 decidéiert hunn.

Wichtig ass och den Datum. Den 2. August vun deem Joer soll dat a Kraaft treden. Firwat ass dat wichtig? Well dat effektiv eréischt an zéng Joer obligatoresch ass dem Reglement no. Mee andeems mir da Carte-d'identité erausginn, déi zéng Joer gutt sinn, maache mer se direkt elo richtig, fir dass net herno eng Kéier een no dem 3. August 2031 mat enger Carte d'identité ronderëmleeft, déi eeben net méi gutt ass. Dofir ass et wichtig, dass mer déi elo direkt richtig hei erausginn. An dat kann ech eeben och hei bemierken.

Et geet och elo eng Circulaire eraus, direkt an deenen nächsten Deeg, un d'Gemengen, wéi dat heiten ze handhaben ass. Et gouf awer do schonn déi Echangingen, fir dass d'Gemengen och prett kënne sinn.

Dann nach ee Wuert, wat bei der Carte d'identité an Zukunft vläicht nach alles kënnt. Ech hunn lech an dem Land an de leschten Deeg vill Appe presentéiert. Dofir ginn ech elo net ... an ech wëll elo keen iwwerstrapazéieren. Mee et wäert nach eng nei App eng Kéier kommen an deenen nächste Méint, wou d'Carte d'identité e wichtige Rôle spillt, nämlech dass een d'Carte d'identité als Bierger ka gebrauchen.

A wann ee sech beim Staat wëllt aloggen, dann hält een déi Carte d'identité an et leet ee se einfach op den Handy an dann ass een domadder dobannen. Dat ass eng vun deenen nächsten Appen, déi ech eng Kéier wäert presentéieren. Ech loosse mer, mengen ech, awer do bis nom Summer Zäit, fir dass jiddweree mat deenen aktuellen, déi een och aus anere Grënn gebraucht, kann eens ginn.

Mee dat dote wäert zum Beispill och eppes sinn, wat an Zukunft eng flott Applikatioun fir d'Leit ass, wa se sech wëlle bei de Staatsservicer aloggen. Da kann een och d'Carte d'identité gebrauchen, wou jo op där Puce da verschidden Informatiounen sinn. Et leet ee se op säin Handy mat deenen Technologien, wéi Der et scho vläicht an anere Servicer maacht. Awer dat wäert ech eng Kéier am Hierscht och da presentéieren.

Ech spieren eng grouss Ënnerstëtzung fir deen heite Projet hei eraus. Ech soen lech alleguerten dofir Merci. Et ass e grouse Volet vu Simplification administrative a fir d'Verbesserung vun der Sé-

cherheet vun deene Carte-d'identitéen. An dofir schonn am Viraus merci fir Äre Vott a praktesch déi Unanimitéit, déi ech hei erausspieren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Minister Marc Hansen villmools Merci. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7715. Den Text steet am Document parlementaire 7715⁶.

Wéi eis de Rapporteur virdrun drop higewisen huet, huet sech eng Erreur matérielle an den Text vum Projet de loi ageschlaach. D'Numerotatioun am Artikel 8 ass geännert ginn an „de la loi“ ass gestrach ginn. Den éischte Saz vum Artikel 8 liest sech deemno: « L'article 1^{er}, l'article 2, point 2, lettres b) et c), point 3, et l'article 3 entrent en vigueur le 2 août 2021. » De Staatsrot ass vun dësen Ännerungen a Kenntnis gesat ginn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7715 et dispense du second vote constitutionnel

Mir stëmmen elo iwwert den ofgeännerten Text of. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 7845 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale

Elo komme mer zum Projet de loi 7845, eng zäitweileg Upassung vu verschiddene penale Prozedurvirschreften. Ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vun deemem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

■ **M. Pim Knaff (DP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 7845 verlängert eng Rei temporaire Adaptatiounen an der Procédure pénale, also an der strofrechtlecher Prozedur, dëst, nodeems verschidden Dispositiounen schonn am Juni vum leschte Joer instauréiert an dunn am Dezember adaptéiert a verlängert gi waren.

Wéinst der Pandemie mussen mer nach ëmmer Suerg droen, de Risiko vun Infektiounen esou gutt wéi méiglech anzegrenzen. Et kënnt an deemem Projet am Verglach zum leschte Projet de loi zu kenge weideren Adaptatiounen am Fong. Wat ännert, ass, dass mir déi Dispositiounen, wéi se am Moment bestinn, verlängeren, an dëst bis den 31. Dezember 2021. Wéi d'Situatioun deen Ament wäert sinn, dat kann een elo nach net soen. Dat mussen mer dann zu gegebener Zäit nei evaluéieren.

Fir de Moment bleift d'Haaptzil vun deemem Projet weiderhin, eng Méiglechkeet ze bidden, juristesche Demarchen, déi normalerweis op der Plaz gemaach ginn, iwwer aner Moenen ze erméiglechen an domat déi physische Distanzen an den Ustiechungsrisiko tëschent de Mënsche weider ze limitéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi gesot, dëse Projet de loi déngt haaptsächlech enger Verlängerung vun deenen einzelnen Dispositiounen, wéi se am Dezember d'lescht Joer schonn ugehall gi waren. Ech géif d'Geleeënheet trotzdeem notzen, nach eng emol kuerz op déi eenzel Artikelen anzegoen.

D'Artikelen 1 an 2 betreffen d'Notifikatioun vun Ordonnanze bei Saisien a Requêtes. Dës kënnen dann elo weider, wéi et de Moment och en place ass, per Post, also par Lettre recommandée, par Fax oder per E-Mail zougestallt ginn. Den Destinataire ass och weiderhi verpflichtet, enger Ordonnanz nozekommen, et sief, dass dës Persoun sech duerch hir Kooperatioun géif autoincriminéieren. An esou engem Fall ka vun enger Kooperatioun ofgesi ginn. Fir all aner Fäll, wou eng Persoun sollt refuséieren, enger Ordonnanz nozekommen, si weiderhi Strofe virgesinn.

Wéi virgesinn am Artikel 3 vun deemem Text wäerten och d'Auditoune vun Zeie weiderhin iwwer Telekommunikatioun erlaabt sinn, dëst am Fall vun enger Enquête de flagrance, enger Enquête préliminaire oder op Uerder vum Untersuchungsrichter am Kader vun enger éischter Instruktioun.

De Beamten oder Agent vun der Police judiciaire kontrolléiert an deemem Fall d'Identitéit vum Temoin. D'Auditoune kënnen souwuel visuellt wéi och op Toun opgehall ginn. Et gétt och e Procès-verbal dresséiert, deen den Zeien, wann en averstanen ass, och soll ënnerschreien.

Den Artikel 4 gesäit da vir, dass och d'Mandante sech am Kontext vun enger Prozedur iwwert de Wee vun der Telekommunikatioun vun hirem Affekot dierfen assistéieren loosse. Dës Gespréicher ginn a kompletter Confidentialitéit geféiert a ginn och net enregistréiert.

D'Artikelen 6, 7, 8 an 9 betreffen déi verschidde Procédures d'appel géint Ordonnanze vum Untersuchungsrichter oder der Chambre du conseil géint Urteeler vun de Bezirksgerichter mat Ausnam vum Fong bei engem ordonéierte Fuerverbuet a bei engem Appell géint en Urteel op Basis vum Fong.

Hei bleiwen déi zwou Methoden, an Appell ze goen, bestoen: entweder no den Normen vum Code de procédure pénale iwwert de physischen Depot vum Appell beim Greffe oder awer no den Derogatiounen, wéi se am Moment en vigueur sinn, dat heescht iwwer eng E-Mail un de Greffe. Déi offiziell gültig E-Mail-Adresse vum Greffe gi vun de jee-weileg saisierte Juridictionen publizéiert. D'E-Mail mam Appell muss dann och weiderhin esou séier wéi méiglech vum Greffe confirméiert ginn.

Den Artikel 11 vum Projet de loi 7845 verlängert och d'Dispositioun bezüglech dem Recours bei der Chambre de l'application des peines. D'selwecht wéi bei den Appellen kann de Recours hei och weiderhin in persona oder eebe per E-Mail un d'Adress vum Greffe agereecht ginn.

Den Artikel 12 definéiert d'Entrée en vigueur vun deemem Text, nämlech um Dag, wou d'Gesetz am Journal officiel publizéiert gétt.

A wéi schonn am Ufank gesot, géllt dësen Text der Verlängerung vun deenen einzelnen Dispositiounen, dëst éischstens, fir der ëmmer nach on-sécherer sanitärer Situatioun gerecht ze ginn, an awer och, fir d'Vacance-judiciairen iwwert de Summer ze beuechten.

Den neien Datum ass dann den 31. Dezember. Am Dezember da wäert ee musse kucken, wéi sech d'Situatioun verännert huet an ob d'Derogatiounen opgehuewen oder nach musse verlängert ginn.

Fir all weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport, dee mer de Moien an der Kommissioun och à l'unanimité ugehall hunn.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen am Numm vun eis all dem Här Pim Knaff Merci fir säi prezise mëndlechen a schrëftleche Rapport.

A mäin Echo aus der Kommissioun ass, datt d'Chamber sech eens wär, fir op eng allgemeng Diskussioun ze verzichten. Wann deem esou ass, géif ech direkt der Regierung d'Wuert ginn, der Justizministesch, der Madamm Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo, villmools merci dem Rapporteur an all de Memberen aus der Justizkommissioun. Effektiv hate mer eis hei d'Fro gestallt vun der Prolongatioun vun dëse Mesuren. Dir wësst, mir sinn awer nach an enger gewëssener Onsécherheet. Duerfir, fir dass alles kann uerdentlech funktionéieren, hu mer elo decidéiert, dat nach eng Kéier bis den 31. Dezember ze garantéieren.

Wat eis awer um Häerz louch, war eeben den Equiliber tëschent eeben de gudden Oflaf ze garantéieren an de Grondrechter. Ech mengen, dass mer dat hei mat deene Fakultéiten, déi dat Gesetz hei léisst, gutt kënnen garantéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Aarbecht a fir d'Ënnerstëtzung.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7845. Den Text steet am Document parlementaire 7845⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7845 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7510 - Projet de loi portant approbation du Deuxième Protocole additionnel à la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale, fait à Strasbourg, le 8 novembre 2001

Als leschte Punkt hu mer de Projet de loi 7510 iwwert den zweeten Zousazprotokoll vun der europäescher Konventioun iwwert d'Rechtshëllef a Strofsaachen. An hei kritt direkt de Rapporteur vum Projet de loi d'Wuert, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

■ **M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat hei geet och elo zimmlech schnell. Ech presentéieren, wéi gesot, de Gesetzesprojet iwwer déi international judiciaire Zesummenaarbecht. Méi gennee geet et drëms, den zweeten Zousazprotokoll unzehuelen, deen zur Convention européenne d'entraide judiciaire en la matière vum 8. November 2001 gehéiert a schonn zënter dem 1. Februar 2004 a Kraaft ass.

Dëse Projet 7510 gouf den 19. Dezember 2019 vum Aussen- an Europaminister deposéiert. De Staatsrot huet en eng éischte Kéier aviséiert den 11. Februar 2020.

D'Justizkommissioun huet sech eng éischte Kéier mam Projet befaasst dëst Joer den 13. Januar, huet de Rapporteur bestëmmt an eng Rei Amendementer ënnert d'Lupp geholl. Déi Woch drop, den 20. Januar, hat d'Kommissioun e längeren Austausch, e ganz interessanten, mat Vertrieeder vun de Justizautoritéiten, fir sech e Bild ze maachen, wat d'Enjeu vun deemem Gesetz am gerichtlechen Alldag sinn.

An där Sitzung sinn dunn och eng Rei Amendementer ugehall ginn. Dës goufe vum Staatsrot den 11. Mee aviséiert a sengem Avis complémentaire, deen d'Kommissioun de 16. Juni analyséiert huet. Den 30. Juni hu mer de Rapport eestëmmeg an der Kommissioun ugehall.

De Staatsrot huet keng Opposition formelle formuléiert, mee en huet virun allem insistéiert um Niveau vun der Terminologie, dass den Terme „Notifikatioun“ duerch d'Regierung adequat ass, wann et drëms geet, eng Autorité compétente ze benennen,